# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

den Elchi mellt sech mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

**<u>Réckbléck</u>**

De 17. Oktober huet den Elchi zesumme mam Comité op engem spezielle Stammdësch am Cheers d’Erstie vun dësem Joer begréisst. Hien war frou all dës wonnerbar nei Bekanntschaften ze maachen an en hofft, datt hie vill vun hinnen och nach iwwert d’Joer erëmgesäit! 🤗

Zwee Deeg méi spéit gouf op der Booom d'Ouverture mat engem fette Knall op dat neit Semester ugestouss. 🤩 No sou engem Start ka scho bal näischt méi am neie Semester schif lafen! Den Elchi huet sech gefreet seng nei wéi och seng al Kolleeg*innen erëmzegesinn! 🥰

De 27. an 28. Oktober war den Elchi mat Ënnerstëtzung aus dem Comité op der Foire de l’Étudiant um Belval fir de Lycéesschüler*innen dat sonnegt Freiburg e bësse méi no ze bréngen a fir hir Froen zu hire spéidere Studien ze beäntwerten. 😳

**<u>T-Shirt an Tricot: Zousazcommande</u>**

Du hues verpasst dir en T-Shirt vun der Limited Edition fir 35 Joer SLUF ze bestellen oder du wëlls nach ee vun eise super schéinen Tricoten? Da verzweifel net a klick einfach op de Link hei drënner! 🤩

Mir behalen eis allerdéngs vir keng nei Commande an Optrag ze ginn, wa mir net méi genuch Leit sollten zesumme kréien. Dofir maach dech elo schnell bäi a fëll de Forms aus! 😇 Den T-Shirt kascht 20€ fir Memberen a 25€ fir Net-Memberen. Den Tricot krit een fir 35€.

https://forms.gle/KrvBRsqPJ7yjDqJX7







**35 Joer SLUF**

Dëst Joer kritt den Elchi seng zaart 35 Joer an hie feiert dat mat senge Kolleegen a Kolleeginne vum 4. bis 6. November zu Freiburg. Leider kënnt dir iech net méi fir den Dagesprogramm umellen, falls dir dat net gemaach hutt.

Den Elchi freet sech awer op all Mënsch, déi freides a samschdes owes nach Loscht hu mat feieren ze goen! Nom Iessen hält den Owend nämlech nach laaaaang net op! Falls dir Loscht hutt iech dem Elchi unzeschléissen, dann haalt d'Ouer op oder bleift mam Comité a Kontakt fir ze wëssen, wou et nom Restaurant nach higeet. 😉

**Ersti-Stee**

Den 9. November fënnt eis traditionell Ersti-Stee am Cheers statt. 🤑💸

Den Elchi hofft, datt eis Erstie vun dësem Joer bis dohin all gutt zu Freiburg gelant sinn a sech schonn e bëssen aliewe konnten! Bis datt dir iech awer als en echt Elchekand bezeechne kënnt, dauert et nach e bëssen. Den éischte Schratt maacht dir mat der Stee, op der dir ären zukünftege Pätter oder är zukünfteg Giedel kenne léiert. A keng Angscht, op der Stee geschitt näischt Schlëmmes!

Fir datt mir pünktlech starte kënnen, géinge mir iech all biede fir 19h30 an den Cheers ze kommen. Ab 20h gëtt da gesteet.

Wann dir wëllt steeën oder gesteet ginn, da mellt iech w.e.g. via dëse Formulaire fir den Event un: https://forms.gle/w7Dgn7TXfivHfbdG7

D'Ersti-Stee ass nëmme fir Membere vum SLUF, dofir denkt drun är Memberskaart fir déi nei Saison ze kafen. 😇 Ausserdeem kënne just gedeefte Leit steeën. Wann s du nach net gedeeft bass, da kanns du dech awer nach ëmmer steeë loossen. Och wann s du däin 1. Semester schonn hannert dir hues. 😉




**Cafésrallye**

Den 23. November fënnt eis Cafésrallye statt. Hei zitt dir duerch d'Alstad vu Café zu Café, beäntwert ënnerwee Froen a maacht divers Spiller an deene verschiddene Pubs! 😁🍺 Weider Infoen zu Auerzäit, Treffpunkt an Umeldung kommen nach no!

**Freiburger Bal**

SAVE THE DATE !!! …well de SLUF invitéiert iech op säin traditionelle Freiburger Bal. 🤩💚

📅Wéini? Den 22. Dezember 2022

📌Wou? An der Fabrik zu Miersch

Entrée ab 18 Joer 🍼🚫

🎟De Präis?

- Virverkaf: 7€
- Oweskeess: 10€

De Virverkaf kritt dir beim Sluf Elch iwwer Facebook an Instagram oder bei engem vun de Comitésmemberen.

Bis den 22. um Freiburger Bal, wann dir är Zauberkonscht ënner Beweis stelle kënnt, ganz nom Motto: Zaubers de Bal?! 🍺🎩🥛

**Intercercle-Radar**

| Datum | Intercercle | Umeldung |
|---|---|---|
| 4.-6.11.2022 | AVL Café Rallye 2022 | https://forms.gle/dbMS1aUMCiqmUUJBA |
| 10.-12.11.2022 | LSC IC Kölle Alaaf | https://docs.google.com/forms/d/e/1FAIpQLSeZCiQ9dG1BqLdeq9QQjPa_OiSOP2bZtBYFa5Y5B05PTllTCA/viewform?usp=sf_link |
| 17.11.2022 | ALUS Tarte Flambée Intercercle | https://forms.gle/bPYJVw47T8RyFJ8RA |
| 18.-19.11.2022 | LSZ Clear the Bottles | https://lsz.lu/event/intercercle-2022-extern/ |
| 24.11.2022 | AELK Badische Meile | https://aelk.lu/aktiviteit/104 |

Fir weider Infoen zu den Intercercle frot einfach beim Comité no.

Hei de Kalenner mat allen Eventer:

| | |
|---|---|
| 4.-6. November | 35 Joer SLUF |
| 9. November | Ersti-Stee |
| 23. November | Cafésrallye |
| 30. November | Pubquiz |
| 2.-4. Dezember | Wanterhütt |
| 14. Dezember | Chrëschtmaart |
| 22. Dezember | Freiburger Bal |

| | |
|---|---|
| 27. an 28. Dezember | Tournoi de Noël |
| 11. Januar | Bowling |
| 25. Januar | Straba-Party |
| 1. Februar | Assemblée générale |
| TBA | Karaoke |

De **Stammdësch** fënnt **all Mëttwoch ab 20h am Cheers** statt.

Falls dir interesséiert sidd an enger vun eisen Equippe fir den Tournoi de Noël matzespillen, da mellt iech w.e.g. einfach bei eisem Sportminister, dem Maurice Thomé.

Haalt äert Gewei weiderhin schéi steif,
Ären Elchi